ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 26/01/2024

# Rapport vun der Jugendkommissioun

# Kommissioun (11.01.2024)

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| Rosie Brandenburger<br>Frank Conrad<br>Noah Edert<br>Samantha Fernandez<br>Lara Georges<br>Michelle Leroy<br>Lynn Mangen<br>Jordan Pires<br>Marie Sadler<br>Leo Toum | Jyll Duschinger (entschëllegt) |

## 1. Donatioun Benefice vum Event Kürbis schnëtzen (28.10.2023)

- Um Event Kürbis schnëtzen ass ee Benefice vun 240 € gemaach ginn (Akommes vu 621 € an Depensë vun 381 €)

- An der Versammlung hu mir eis doriwwer ausgetosch u wéi eng Organisatioun/Fondatioun, dass mir de Benefice spende wëllen. Hei goufe follgend Propose gemaach: Télévie, een Häerz fir kriibskrank Kanner, Maladies rares ALAN, Fondation Sarah Gronn, Île aux clowns.
- Mir hunn zesummen decidéieren, dass mir eng Fondatioun eraussiche wëllen, déi net vum Ministère subventionéiert gëtt.
- Mir hunn eis fir d'Associatioun Île aux clowns decidéiert.
    - D'Lara Georges hëlt Kontakt mat der Associatioun Île aux clowns op.
- D'Lynn Mangen freet de Paul Mangen ob de Montant wou gespent sollt ginn op 250 € opgeronnt ka ginn.
- D'Marie Sadler hat zwou E-Mailen un de Gemengerot geschriwwe betreffend zum Benefice vum Event Kürbis schnëtzen a krut do kee schrëftleche Feedback.

Helperknapp, 26/01/2024

## 2. Amenagement Spillplazen an der Gemeng

- Mir hunn eis iwwert eis Erfarungen a Beobachtungen zu de Spillplazen an der Gemeng ausgetosch. Am Allgemenge konnte mir zeréckbehalen, dat mir fannen, dass verschidde Spillplazen an der Gemeng net méi konform ausgesinn.
- D'Lynn Mangen deelt eis mat, dass d'Spillplaz zu Brouch bei der Kierch am Budget virgesinn ass.
- Zu Huelmes gëtt et aktuell nëmmen eng kleng Spillplaz. D'Spillplaz am Park gouf ofgerappt (dës huet net der Gemeng gehéiert). Zu Huelmes wunne vill Kanner an zäiteweis ass dës Spillplaz (zumools am Summer) vu Kanner iwwerlaf (z.B. mussen d'Kanner eng Réi virun der Rutsch maachen).
- D'Jugendkommissioun huet d'Iddi fir an der Gemeng Fotoe vun de Spillplazen ze maachen an dës an engem Rapport mat Kommentare festzehalen an un de Gemengerot weiderzeginn (Wéien Duerf huet wéi eng Spillplaz, kann ee bei der Spillplaz eppes veränneren/verbesseren ? Wann jo wat ? ).
    - D'Aarbechtsopdeelung fir d'Zesummesëtze vum uewe beschriwwenen Rapport ass follgendermoossen
        - Marie Sadler : Bëschdref
        - Rosie Brandenburger: Téinten
        - Lynn Mangen: Béiwen
        - Noah Edert: Gréiwenknapp
        - Samantha Fernandez: Huelmes
        - Michelle Leroy: Brouch
- **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Wéi sinn déi aktuell Horairë vun der Spillplaz um Campus Helperknapp zu Brouch ?
- Mir hunn iwwert d'Spillplaz zu Téinten geschwat. Mir hu festgehalen, dass un sech just ee klengen Entretien vun der Spillplaz misst gemaach ginn (Holz ofschläifen an néi usträichen).
    - **Fro un de Gemenge- a Schäfferot :** Mir hunn eis do gefrot op mir dësen Entretien als Jugendkommissioun net selwer maache kéinten. Wann jo, géife mir do vun der Gemeng dat néidegt Material zur Verfügung gestallt kréien. Oder kéint des Aarbecht eventuell vun de Studenten am Kader vun hirem Vakanzenjob am Summer gemaach ginn ?

## 3. Aktivitéiten: Babysitterkueren & Informatiounsowender

- Informatiounsowender
    - An der Schoul wor den Zenter fir exzessiivt Verhalen a Verhalenssucht (ZEV) an huet do en Informatiounsowend fir d'Elteren an d'Kanner gehalen (Joer 2023).
    - Mir tauschen eis Iddien iwwert méiglech Thematike fir een Informatiounsowend aus : Mobbing, Sucht, Gewalt bei Kanner, Internet.
    - D'Samantha Fernandez informéiert sech iwwert d'Informatiounsowender déi vun der Landakademie ugebuede ginn an dëllt eis d'Resultat vu senge Recherchen an der nächster Versammlung mat.

Mir hale fest, dass mir eis an der nächster Versammlung fir e puer Thematike fir zukünfteg Informatiounsowender entscheede wäerten.

- Babysitterkuer
  - D'Landakademie bitt Babysitterkueren u fir d'Gemengen. D'Lynn Mangen informéiert sech doriwwer bei hinnen an déllt eis dëst an der nächster Versammlung mat.
- Nohëllefkueren an der Gemeng
  - Super Senior (méi Informatiounen am Gemengebuet Nummer 4, 2023): Déi éller Léit ginn de jonke Léit Nohëllef.
  - **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Ass et méiglech eng Lëscht fir eis Gemeng opzesëtzen, wou d'Léit sech mëlle kënne fir Nohëllef ze ginn. D'Eltere vu Kanner a Jugendlecher kéinten sech dann u Gemeng wenden, wann si eng Nohëllef fir hiert Kand siche a géifen dann dës Lëscht zougeschéckt kréien.

## 4. Projet Jugendhaus

- Am Budget si 50.000 € fir Analysen (wéi eng Raimlechkeete ginn et, a wéi engem Duerf vun der Gemeng kéint ee Jugendhaus opgemaach ginn?) betreffend zum Thema Jugendhaus virgesinn.
- Mir diskutéieren iwwert Thema Jugendhaus a kommen zum Entschloss, dass et favorabel wier fir de Projet Jugendhaus a Phasen opzebauen. Déi éischt Phasen kéinte follgendermoossen ausgesinn.
  - Phase 1: Organisatioun vun Navetten an der Gemeng , déi an d'Jugendhaus zu Bissen fueren. Mir hunn hei follgend **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Wier dës Phase 1 realisabel ? Mir stellen eis ausserdeem follgend Fro : Wat hält d'Jugendhaus Bissen vun eiser Iddi ?
  - Phase 2: Evaluatioun vun der Phase 1 a plange vun den nächste Phasen .

## 5. Croix-rouge (Bëschdref)

- D'Marie Sadler krut eng Email vum Ben Ruppert. Hat erläutert eis den Inhalt vun der Email: Zu Bëschdref an der aler Maison Relais ass eng Schoul opgaange fir d'Flüchtlingskanner (Primo-arrivant). De Responsabele vun dëser Schoul wëll gären ee Projet lancéieren: hie wëll de Kanner an den Eltere wéchentlech Aktivitéiten an der Sportshal ubidden zu fixen Horairen. Dës Offer soll dann och fir d'Kanner aus der Gemeng opgemaach ginn (Fërderung vun der Integratioun vun de Kanner an der Gemeng).
- Mir als Jugendkommissioun hunn zesummen decidéiert fir dës Demande weider un d'Sportskommissioun ze ginn. D'Marie Sadler deelt dëst dem Ben Ruppert schrëftlech per Email mat, an hat huet dëst och dem Präsident vun der Sportskommissioun mëndlech matgedeelt.

## 6. Divers

- Iddi: Ausfluch an ee Fräizäitpark
  - D'Kommissioun vum drëtten Alter mëscht een Ausfluch mat den élleren Léit aus der Gemeng.
  - Mir kéinten als Jugendkommissioun een Ausfluch an ee Fräizäitpark fir déi Jugendlech aus der Gemeng ubidden.
  - Mir froen eis op een dëse Projet net kéint un d'Club des Jeunes aus der Gemeng weiderginn. D'Gemeng gesäit all Joers een Inklusionsbudget fir, dëse kéint fir dëse Projet genotzt ginn.